


01. Oktober 2022 / 58

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,

Mir hoffen, dass dir nees alleguerte gutt ugefaangen huet an och e puer nei Jugendlech de Wee bei iech fonnt hunn.

De Jugendausschoss huet no der Vakanz seng Aarbecht opgeholl a hei steet villes um Programm a dëst zesumme mam Service INFS-Jugendaarbecht, déi dir ëmmer per E-mail infs-jp@cgdis.lu resp. ënnert Telefonsnummer 49771-2591 erreeche kënnt. Des Weidere sief gesot, dass Formatioun vun eise Moniteuren och viru gëtt, well fir 2023 stinn 3 x JSP1, 2x JSP2 a 2 x JSP3 um Formatiouns-Programm. Fir un dëse Kueren deelzehuelen, muss een beim CGDIS ee Vaucher ufroen. Falls nach Besoin ass fir ee wiedere Kuer opzemaachen, ass dëst och méiglech, mä da solle Leit sech beim INFS-JP mëllen. Och wäerten nach verschiddenen FOCO'en fir den Upgrade organiséiert ginn, well och hei Iwwergangszäit vun den 01.07.2023 ofleeft.

De JFA zesumme mam INFS-JP wäert och bis Enn des Joer all Regioun besichen. Hei gëtt et dreems fir um Terrain ze kucke wat gebraucht gëtt resp. och ka verbessert ginn.

De JFA seet jidderengem MERCI deen gehollef huet, dass déi 2 Journée och nees een Erfolleg gouf. Vill Acteure ware bedeelegt, d.h. Moniteuren, Helfer, Jugendlechen, JFA mat senge Regiounen, de CGDIS mat de Servicer INFS-JP et DPV. Bemierkenswäert ass, dass iwwer 300 Kanner bei eise Spiller matgemaach hunn a de Präis 2 x 3 Entréestickete fir den Europa-Park, gestëft vum INFS, ginn op Déifferdeng a Hueschtert.

Wëssenstester 2022 vum JFA an de Regiounen:

| Datum | Wou |
|---|---|
| 12.11.2022 | Consdorf |
| 19.11.2022 | Miersch (moies) |
| 19.11.2022 | Schëffleng (mëttes) |
| 26.11.2022 | Rammerech |

**Merci am Numm vum JFA!**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

**POMPJEESVERBAND FLASH** Save the date 2022

**Nationaler Pompjees-Cross**
01.10.2022 -> Weiswampach

**Vëlkerball-Tournoi fir Jugendpompjeeën an der Regioun Zentrum**
08.10.2022 -> Houwald

**National Pompjees-Schwammmeschterschaft**
26.03.2023 -> Dikkrech

**AG vum Pompjeesverband a Jugendpompjeeën**
28.04.2023 -> Syren



## EVENT-KALENNER vum CGDIS :

**Manifestations**



Hutt Dir eng Festivitéit mat Ärer Amicale, CIS oder soss eng Manifestatioun? Deelt eist dëst per Mail op communication@cgdis.lu mat.

## INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)

Hei sinn Datumer vun deenen nächste Sportstester an Aschreiwung gëtt just iwwert den DPV gemaach → Kontakt Tél: +352 49771 2332 oder volontariat@cgdis.lu

| 2022 | | |
|---|---|---|
| Oktober | 29.10. | Itzig |
| November | 26.11. | CNIS |
| Dezember | 17.12. | Bascharage |

Dann och nach den Link fir déi nei Newsletter CGDIS 09/2022: https://gd.lu/1PgQHG

# Flott Aktioun aus der Jugendaarbecht:




De JFA war den 03. September 2022 beim "Däitschen Jugendpompjeesdag" zu Homburg.



Ee flotte Besuch duerch eisen Grand-Duc Henri um Jugendpompjees-Stand bei der 2ter Journée.




**Jugendpompjeeën CIS Buurschent**

D'Jugendpompjeeën waren am MIGO-Minigolfen an haten eng Visite am Pompjeesmusée 😊






## Centre d'Incendie et de Secours Schifflange - CIS Schifflange




Samschden den 17. September, stoung déi 1. Übung vun éisen Jugendpompjeeën um Programm fir d'Saison 2022-2023, dofir hunn mir profitéiert d'Eltereversammlung oofzehaalen, wou d'Aktivitéiten vir 2022-2023 bekannt gemaach ginn sin an duerno sinn Graden iwwerrrescht ginn. Zum Schluss gouf all Participant op een Patt an ee Maufel vun der Amicale invitéiert.




nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

**Jugendpompjeeën CIS Wooltz, CIS Bauschelt a CIS Lac um Ausfluch am Phantasialand.**






Jugendpompjeeën vum CIS Remich





**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen (gemäss neiem Date-Gesetz), da sot eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068